MAISON DU GRAND-DUC

# Biografie vum Prënz Charles

De Prënz Charles ass den 10. Mee 2020 an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zu Lëtzebuerg op d'Welt komm.

De Prënz Charles Jean Philippe Joseph Marie Guillaume ass dat éischt Kand vum Prënz Guillaume an der Prinzessin Stéphanie.

Hien ass den Zweeten an der Trounfolleg.

De Prënz Charles ass Samschdes, den 19. September 2020 an der Abtei Saint-Maurice zu Klierf gedeeft ginn.

De Prënz Louis, Brudder vum Ierfgroussherzog an d'Comtesse Gaëlle de Lannoy, Schwëster vun der Ierfgroussherzogin, si Pätter a Giedel vum Prënz Charles.